



Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 6385 vum 22. Juni 2022 vum Här Deputéierten André Bauler

A senger parlamentarescher Fro bezitt den Honorabelen Deputéierte sech op d'Residenz Bridderhaus zu Esch-Uelzecht, déi de 16. Juni 2022 ageweit gouf. Et handelt sech heibäi em eng Kënschtlerresidenz, an där d'Kënschtler souwuel wunne wéi och schaffe kënnen.

Woubäi dëse Ministère ronn 17 verschidde Strukturen, déi zu Lëtzebuerg Residenzprogrammer ubidde rezenséiert huet, offréieren déi mannsten d'Formule Logement plus Kreatiounsatelier, a gräife meeschtens op extern Logementsméiglechkeeten zréck. Hei wieren ënnert aneren z'ernimmen : d'Residenz vun der AAPL (Association des Artistes Plasticiens du Luxembourg), Bâtiment4 vu frEsch asbl, d'Residenzen am DudeTownHouse an am Appartement Dominique Lang vum Centre culturel opderschmelz, d'Artist Residency vum CNA, d'Struwwelpippi Kinder und Jugendbuchautorenresidenz zu lechternach, d'Résidence d'auteur vum Théâtre national du Luxembourg, d'Residenz vun der Kulturfabrik, d'ILL Residenz vun Independent Little Lies, d'Residenz vun der Luxembourg Philharmonic Orchestra Academy an der Maison des Académiciens, de Residenzprogramm vum Trois C-L, oder nach d'Residenz fir d'Laureate vun der Biennale des étudiants en art et jeunes artistes vu ViArt asbl zu Veianen. De Kulturministère selwer hat am Kontext vun der Covid-19 Pandemie mat enger finanzieller Ënnerstëtzung fir den Accueil vun Artistes associés 18 Residenzprogrammer erméiglecht.

Vu datt d'Froe vum Honorabelen Deputéierte sech op Residenz mat Wunnenge bezéien, ergi sech folgend Äntwerten.

Et bestinn aktuell 6 Kënschtlerresidenzen, déi souwuel Wunnengen, wéi och Kreatiounsraum beinhalten, zwou dovunner sinn eréischt am Laf vun 2022 entstanen an eng am Laf vun 2021. Vun dëse Residenz befanne sech der dräi an der Stad Lëtzebuerg (Casino Display Residenz, Canopée Résidence pour artistes an neimënster), eng zu Esch-Uelzecht (Bridderhaus), eng zu lechternach (Trifolion – Maison Gothique) an eng zu Buerglënster (Résidence-mission vum Kulturministère). Zesummen hunn dës Kënschtlerresidenzen eng Kapazitéit vu ronn 50 Persounen.

An de leschte Joren huet den Occupationstaux staark variéiert, notamment wéinst der Covid-19 Pandemie. Fir 2022 läit den aktuellen Occupationstaux tëschent 0% (wéinst Renovéierungsarbechten) an 100 %. Déi meeschte Kënschtler koumen aus Lëtzebuerg, suivéiert vu Frankräich an Däitschland.

D'Duerschnëttsdauer vun dëse Residenz variéiert jee no Struktur, a situéiert sech tëschent 11 Deeg fir di eng an 1-3 Méint fir di aner. D'Résidence-mission vum Kulturministère an den Annexe vum Buerglënster Schlass gëtt dem Artistekollektiv K+A fir dräi Joer zur Verfügung gestallt.

Woubäi eis am Éislek aktuell keng Kënschtlerresidenz, esou wéi se am Kontext vun dëser Ufro definéiert gëtt, bekannt ass, sou ass awer z.B. geplangt datt am Ermitage zu Klierf deemnächst Kënschtlerresidenze vu verschiddene Strukture kënnen ugebuede ginn. Och sief rappelléiert, datt et am ländleche Raum schonn Initiative ginn, déi zäitlech begrenzt Residenzprogrammer ëmsetzen, wéi z.B. déi uewe genannte Residenz fir d'Laureate vun der Biennale des étudiants en art et jeunes artistes zu Veianen, oder d'Kënschtlerresidenze vum Kulturhuef zu Gréivemaacher.

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2022

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson